Zenter dem September 2018 hu mer sämtlech Précoceklassen, d'Spillschoul- a Primärschoulkanner op dem Berbuerger Site Renert versammelt.

Well bis zu deem Moment all eenzel Duerfschoul en eegene System hat fir mam Dreck a mam Recycling ëmzegoen, hu mir um neie Site en eenheetlecht Konzept ausgeschafft fir d'Kanner an d'Schoulpersonal zesummen sou flott, propper an ëmweltfrëndlech wéi méiglech spillen, léieren a schaffen ze loossen.

An der Offallhierarchie steet d'Offallvermeidung virum Recycling, well de beschten Offall ass deen, deen guer net entsteet. D'Trennung fonctionnéiert am beschten wann den Offall direkt do getrennt gëtt wou en entsteet.

Folgend Trennungen ginn an Zukunft op 9 verschiddenen Platzen um ganze Schoulsite gemaach: Pabeier; Valorlux mam Plastik; Biooffall; Restmüll; SuperDrecksKëscht.

Fir datt och déi Klengst hei matschaffe kennen, ginn d'Bac'en eenheetlech mat engem Faarfsystem gezeechent.

Mir mussen eis all bewosst sinn datt sou Konzepter just kennen en Erfolleg ginn wann méiglechst vill Leit matschaffen, grouss a kleng, an datt Upassungen an Efforten néideg sinn, awer et wäert sech laangfristeg fir eis all auswäerten.

D'Ressourcen vun eiser Äerd si limitéiert, a wa jiddereen a sengem Dagesoflaf mat Klengegkeeten ufänkt, ass et vill méi einfach fir zesumme grouss Ziler ze erreechen.

Isabelle Steinmetz

Presidentin vum Klimateam